Spekulativ Fiktioun zu Lëtzebuerg

1. Liest den Artikel iwwert d'Online-Publikatioun Aner Welten.

Sech an aner Welte verléieren

Aner Welten *ass eng Online-Publikatioun (eng sougenannte „fanzine"), déi versicht, de literaresche Genre vun der spekulativer Fiktioun innerhalb vu Lëtzebuerg ze fërderen an ze etabléieren.* Aner Welten *soll en Unhaltspunkt ginn, wéi och eng Plattform fir den ëffentlechen Austausch ëm de Genre. Dobäi pocht* Aner Welten *dorop, dass Schréftsteller*innen hir Experienze vu Lëtzebuerg mat Hëllef vun der spekulativer Fiktioun verschaffen.*

Lëtzebuerg, 1884: Den Hugo Gernsbacher gouf an eng jüddesch Famill an der Stad gebuer. Scho fréi huet de Gernsbacher Interessi fir d'Technologie, d'Elektrizitéit a Maschinne gewisen. Lëtzebuerg, 1904: Den Hugo Gernsbacher entscheet sech, no senger Ausbildung als Ingenieur, an Amerika auszewanderen. Nach am selwechte Joer wiesselt de Gernsbacher säin Numm. Hugo Gernsback nennt hie sech elo. New York, 1926: Den Hugo Gernsback publizéiert déi éischt Science-Fiction-Zäitschréft *Amazing Stories*. Dräi Joer drop etabléiert den Hugo Gernsback den Term *scientification,* wat méi spéit *Science-Fiction* gëtt.

2022: Marvel-Filmer sprenge säit 2008 d'*Boxoffice*-Zuelen. De Regisseur Denis Villeneuve verfilmt 2021 dem Frank Herbert säi Sci-Fi-Klassiker *Dune* (1965). Filmer wéi *E.T.* (1982), *Terminator* (1984), *The Fifth Element* (1997), oder och Serië wéi *Star Trek* (1979) a *Firefly* (2002) si standfest Deeler vun der Pop-Kultur. Kate Busch a Metallica dominéieren d'Ranglëschte vun de Musekcharts wéinst der véierter Saison vu *Stranger Things* (2016), Joren nodeems d'Lidder veréffentlecht goufen.

Änlech geet et der Literatur. De gréisste Literaturpräis an der spekulativer Fiktioun ass den *Hugo Award*, genannt nom Hugo Gernsback. Dem George Orwell säin *1984* (1949) ass e Klassiker am englesche Kanon a gëtt hautzedaags (feel-)zitéiert wéi nach ni. De Nobelpräisgewënner Kazuo Ishiguro huet d'Géigewaartsliteratur mat senge Bicher wéi d'Dystopie *Never Let Me Go* (2005) oder de Fantasyroman *The Buried Giant* (2015), markéiert. Dem Margaret Atwood hir Dystopie *The Handmaid's Tale* (1985) ass am Bezuch zu Amerika an aktuell mat Roe v. Wade en erschreckend Beispill, wéi d'Zukunft kéint ausgesinn.

D'spekulativ Fiktioun ass e feste Bestanddeel vum Alldag ginn. De Papp vun der Science-Fiction ass souguer aus Lëtzebuerg. Wéi kënnt et dann, dass Lëtzebuerg, zemools an der Literatur, näischt am Genre virzeweisen huet? Niewent der Science Fiction and Fantasy Society Luxembourg, déi säit 1995 eng aktiv Communautéit opgebaut huet, ass d'Aktivitéit am Genre hei am Land éischter moer. Am Autorenlexikon fënnt een ënnert *Science-Fiction* knapps 45 Resultater an ënnert *Fantasy* knapps 37. D'literaresch Produktioun vun der spekulativer Fiktioun ass minimal. Wat natierlech net heescht, dass et guer keng Initiative gouf, déi versicht hunn dat ze änneren.

Spekulativ Fiktioun zu Lëtzebuerg

De Robert „Gollo" Steffen, zum Beispill, hat d'Initiativ ergraff. D'Sammlung *Der Himmel auf Erden: Science Fiction aus Luxemburg* gouf 1979 verëffentlecht. Bekannten Nimm aus der lokaler Literaturzeen wéi den Nico Helminger, de Roger Manderscheid an de Georges Hausemer hunn dozou bäigedroen. D'Sammlung ass markéiert duerch Kuerzgeschichten a Gedichter, déi deemools an engem onkonventionellen an experimentelle Stil fir de Genre geschriwwe goufen, ënnerstrach duerch markant schwaarz-wäiss Illustratiounen. Et war en Experiment, dat versicht hat, eng Science-Fiction-Traditioun zu Lëtzebuerg ze etabléieren, wat an éischter Hisiicht net geklappt huet.

Et ass eréischt an de Joren no 2010, wou sech e Wuesstem a Richtung vu spekulativer Fiktioun erauskristalliséiert. Schrëftsteller*innen wéi de Claude Peiffer, de Luc François, de Jean Bürlesk (deen ënnert anerem de Prix d'encouragement de la Fondation Servais mat sengem Manuskript *The Pleasure of Drowning* krut huet), d'Kiara Roth (dat mëttlerweil zwee Romaner an engem Indieverlag an Däitschland verëffentlecht huet), an och de Maxime Weber *(Das Gangrän* [2021] bei Kremart Edition) demonstréieren dëse Wuesstem. Dobäi kommen hei an do nach kleng Verëffentlechungen, ënnert anerem Kuerzgeschichten an de *Cahiers Luxembourgeois*. De Francis Kirps huet a sengem Sammelband *Die Mutationen* (2019) mat engem Gedicht, wéi de Luc Caregari et beschreift, „anhand etwas Abstruserem, wie Ingeborg Bachmann mit H.P. Lovecraft zu kreuzen"*[1]*, bewisen, dass d'spekulativ Fiktioun (an dësem Fall de Subgenre vum Cosmic-Horror) sech an déi méi traditionell Literaturlandschaft traut. Och de Jeff Schinker mat sengem Buch *Sabotage* (2018) gouf vum Luc Caregari als „aussi bien satire que science-fiction"*[2]* beschriwwen.

Mee mir behaapten, do geet nach méi.

[...]

Aner Welten: Den Drang ze fërderen

Eis online Publikatioun *Aner Welten* ass eng Plattform, déi als Zil huet, de Genre vun der spekulativer Fiktioun zu Lëtzebuerg ze fërderen. Mir encouragéiere Schrëftsteller*innen hir Experienzen a Relatioun mat Lëtzebuerg an engem Kader vun der spekulativer Fiktioun ze verschaffen, an esou eng Traditioun vum Genre zu Lëtzebuerg ze etabléieren. De Spillraum ass grouss an onbekannt. Et ass eng Erausfuerderung fir eis, wéi och fir d'Schrëfsteller*innen, déi mir wëlle mat *Aner Welten* fërderen an ënnerstëtzen! Et ass e Versuch, neie Stëmmen eng Bün ze bidden, wou se sech austobe kënnen. E Wuesstem, dee batter néideg ass. Mir wëllen, am Endeffekt, dem luese Wuesstem, dee bis elo dominéiert huet, entgéintkommen. De Projet soll op engem lokale wéi och internationalen Niveau der Welt weisen, dass de Gebuertsuert vum Hugo Gernsback – de Papp vun der Science-Fiction – och Potenzial huet, d'literaresch Landschaft a Kultur ze beaflossen.

Well mir sinn ëmmerhi Gernsback-Kanner, oder net?

---

[1] https://www.woxx.lu/francis-kirps-die-mutationen (all Websäit, op déi an dësem Bäitrag verwise gëtt, gouf fir d'lescht den 1. September 2022 opgeruff).

[2] https://www.woxx.lu/jeff-schinker-sabotage

Quell: Text vum Sandy Heep a Cosimo Suglia, forum+, 13.09.2022, gekierzt an adaptéiert.
De ganzen Text fënnt een hei: *https://www.forum.lu/2022/09/13/sech-an-aner-welte-verleieren/*

© Text vum Sandy Heep a Cosimo Suglia

2. Sicht am Internet méi Informatiounen zur spekulativer Fiktioun an deelt dës Informatioune mat der Klass.